LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

REÇU
Par Alff Christian , 08:18, 17/12/2020

Luxembourg, le 16 DEC. 2020

Objet : Question parlementaire n°3234 du 2 décembre 2020 de Monsieur le Député Marc GOERGEN concernant les gardes champêtres

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,

Henri KOX

Gemeinsam Äntwert vum Här Minister fir bannenzeg Sécherheet, Henri Kox, a vun der Madame Inneministesch, Taina Bofferding, op d'parlamentaresch Fro n°3234 vum 2. Dezember 2020 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen iwwer d'Fonctioun vum Garde champêtre.

Ad 1):

Den Artikel 97 vum ofgeännerte Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 an den Artikel 14-2 vum Code de procédure pénale sinn a Kraaft a kënnen zu all Moment applizéiert ginn.

Ad 2):

De Garde champêtre, respektiv de Bannhidder huet och weiderhin de Statut vum Gemengebeamten an d'Qualitéit vum Agent de police judiciaire fir Infraktiounen ze recherchéieren a festzestellen "*qui portent atteinte aux propriétés forestières et rurales (...) et pour lesquelles compétence leur est attribuée par des lois spéciales.*"

Ergänzend dozou ass awer nach ze bemierken, dass de Gesetzprojet n°7126 iwwer d'Sanctions administratives virgesäit, dass d'Fonktioune vum Bannhidder auslafe wäerten, an dass d'Agents municipaux déi Fonktioun wäerten iwwerhuelen an zousätzlech Kompetenze kréien.

Dat heescht, dass an Zukunft d'Agents municipaux Avertissements taxés kënnen ausstelle wéinst Falschparken, Infraktioune géint Gemengereglementer kënne feststellen déi via Sanctions administratives oder Amende pénale bestrooft ginn. Ausserdeem iwwerhëlt den Agent municipal dem aktuelle Bannhidder seng Fonktiounen op Basis vum Artikel 14 vum Code de procédure pénale.

Déi Agents municipaux, déi d'Qualitéit als Agent de police judiciaire kréien, mussen zousätzlech Weiderbildung maachen an de Promotiounsexame vun hirer Carrière bestan hunn.

Ad 3):

Am Kader vun hire Kompetenzen, déi am Gemengegesetz vum 13. Dezember 1988 an den Artikele 14 bis 14-2 vum Code de procédure pénale festgehale sinn, kënnen d'Bannhidder d'Police duerchaus an hirer Aarbecht an deenen ënnert Ad 1) zitéierte limitéierte Kompetenzberäicher ënnerstëtzen. Dozou muss een awer präziséieren, dass et sech hei em ganz spezifesch Infraktiounen am Kader vun de Gemengereglementer an dem Naturschutz handelt, déi d'Bannhidder duerch Procès-verbaux, déi un den zoustännege Parquet adresséiert ginn, aktéiere mussen. All weider Amtshandlung kënnen se just a Präsenz vun engem Policebeamte maachen, deen de Statut vum Officier de police judiciaire huet.